



déi vis-à-vis vun eisen Nopeschlänner net gutt war, mat Ausnahm vun der Belsch. Während mir an deene leschten dräi Joer 6,1% gewuess sinn, wat d'Inflatioun ubelaangt, hate mer an den Nopeschlänner: an Holland 4,2; a Frankräich 5,1; an Däitschland 4,1. Just d'Belsch louch driwwer mat 6,9. An an der Eurozon louch se och drënner mat 5,3. Mir mussen also op deene Punkte schaffen.

Mir hunn en Accord an de Bipartité fonnt, fir en Observatoire des prix an d'Liewen ze ruffen. Mir haten eng Réunioun, wou ech souwuel d'Patronat wéi d'Gewerkschafte gefrot hunn ëm hir Meenung, wéi se mengen, dass een esou en Observatoire kéint fonctionnéieren dinn. Meng Servicer hunn eng ganz Rei Recherchë gemaach, fir ze kucken, wat juristesche a wat politesche méiglech ass beziéungsweis net méiglech ass. An ech hunn en nächste Rendez-vous mat de Gewerkschaften elo op dem 4. Mee, fir ze kucken, wéi mer dat kënnen ëmsetzen.

Dir gesitt, dass mer op deene Saache schaffen. Ech wëll och drop opmierksam maachen, dass, wa mer hei vu Prix administrés schwätzen, mer ëmmer musse kucken: Wat sinn déi Prix administrés?

Et sinn déi, déi d'Chambre des Salariés do bruecht huet, déi absolut net iwwereneestëmme mat deem, wat mir applizéieren. Dass den Tarif vun der Luxair op eemol e Prix administré ass, ass mir nei. Duerfir kann een dat net deementspreechend applizéieren, sou wéi dat d'Chambre des Salariés analyséiert huet.

Et ass och esou, dass een dat, wat Eurostat als Prix administré virgesäit, net ëmmer esou ka gesinn, well an eenzelne Länner ginn eng ganz Rei Präisser fixéiert, beziéungsweis net fixéiert, op ganz verschidden Aart a Weisen.

D'Regierung huet u sech sech de Canevas gi vun 20 verschidde Präisser, déi mir als Prix administrés unhuelen an op déi mir eis och baséieren. Déi si public, dat ass also kee Geheimnis. An op deene soll een och schaffen an op deene soll een och argumentéieren, wann een da sech mat där Problematik vun de Prix administrés ausenanersetzt.

Dat ass och dat, wat mer mat de Sozialpartner wäerten um Niveau vum Observatoire des prix maachen; probéieren eng Verschlechunge eranzebréngen; probéieren ze kucken, wou mer den Hiewel wierklech kënnen usetzen a wou ganz einfach et schwiereg gëtt doduerch, dass eng Augmentatioun op de Salairé mat sech bréngt, dass eenzel Tariffer noutgedronge mussen an d'Luucht goen, wann net just de Budget kann agräifen, a wann och, sou wéi et ganz oft méiglech ass, net méi méiglech ass, dass d'Regierung selwer kann agräifen.

Duerfir nach eng Kéier Merci all deenen, déi heirunner geschafft hunn. Ech hoffen, dass mer dee Projet haut votéiert kréien. Ech ginn nach eng Kéier dovun aus, dass d'Leit sech bewusst sinn, dass dat hei en Accord ass, deen net einfach war. An dass d'Regierung selbstverständlech den Accord ënnert de Sozialpartner mat der Regierung hei akzeptéiert.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Wirtschaftsminister Jeannot Krecké. Domadder si mer um Enn vun der Diskussioun. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6265 ass ugeholl mat 38 Jo-Stëmme, géint 21 Nee-Stëmme.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Raymond Weydert), Mme Martine Mergen*

*(par M. Marcel Oberweis), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Lucien Thiel), Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz.*

*Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch, Mme Lydia Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. André Hoffmann.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 5881A iwwert de Code de la consommation. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo schon ageschriwwen: déi Häre Gloden, Bauler a Kox. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

## 8. 5881A - Projet de loi portant introduction d'un Code de la consommation

**Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire**

► **M. Alex Bodry** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch dëse Gesetzesprojet kritt Lëtzebuerg säin éischte Code de la consommation. Et ass net, wéi den Numm et vläicht kéint verroden, e Verhalenskodex fir en optimale Konsum, mä eng Zesummenstellung an engem strukturéierten Text vu quasi sämtleche gesetzleche Regeln, déi d'Verhältnis vum Konsument an de Professionellen aus der Wirtschaft regelen.

Et ass also e bëssen en historieschen Dag an der Geschicht vun dem Lëtzeburger Verbraucherrecht an dem Konsumentenschutz. Dëse Code de la consommation ass och den Aboutissement vun enger laangjäreger Fuerderung vun de Konsumentenschutzorganisationen hei zu Lëtzebuerg a schliesslech och d'Ëmsetzung vum Regierungsprogramm vun 2004 an 2009, an deem sech d'Parteien CSV an LSAP op d'Ausarbeitung vun engem Code iwwert de Verbraucherschutz geeenegt haben.

Ech zitieren aus deem Koalitionsaccord, dem Regierungsprogramm vun 2004, deen un der Quell steet eigentlech vum Dépôt vun dësem Gesetzesprojet: «Le Gouvernement procédera à l'élaboration d'un Code des consommateurs. Ce Code réunira les différents textes légaux actuellement éparpillés et permettra partant d'atteindre une meilleure cohésion (veuillez lire: cohérence) ainsi qu'une meilleure transparence et lisibilité.» Enn vum Zitat.

D'Objektiv also vun dëser Kodifikationsarbeit vum Verbraucherrecht hei zu Lëtzebuerg ass kloer. Et geet drëm, fir eng Vereinfachung ze erreechen, fir Uerdnung an eng ganz Rëtsch vun a villen Texter verspreete Regeln ze bréngen, a schliesslech, fir iwwert déi doten Arbeit eng besser Liesbarkeet, e bessert Versteesdemech vun deene villen Texter ze kréien, déi zënter den 80er Jore vum leschte Jorhonnert de Konsumentenschutz hei zu Lëtzebuerg regelen.

D'Geleeënheet ass benotzt ginn, fir och d'Terminologie unzepassen, ze vereenheetlechen an esou derfir ze suergen, dass et och zu enger kompletter Konkordanz vun de Lëtzeburger Texter mam europäesche Recht kennt.

Dëse Code de la consommation ass net en Typ vu Code, wéi mer e kenne beim Code civil, beim Code pénal oder och beim Code de commerce, wou eigentlech dat all Kéiers ursprénglech originell Texter sinn. An et ass kee Code, wéi mer e kennen hei zu Lëtzebuerg beim Code de l'environnement oder beim Code administratif, déi eleng eng Niewenteneestellung vu verschiddene bestehenden Texter sinn. Dëse Code de la consommation ass vun der Technik hier ze vergläiche mat där Aarbecht, wéi se hei virun e puer Joer stattfonnt huet mam Code du Travail, wou also probéiert ginn ass, bestehend Texter ze huelen, se nei ze uerdnen an an engem eenheetlechen Text ze presentéieren.

Et ass schonn eng impressionnant Aarbecht hei vu Strukturéierung a vu Synthesen, déi duerchgefouert ginn ass, mä déi leider allerdéngs och, dat muss ech soen, zënter 2008 e bësse perturbéiert ginn ass duerch d'Noutwendegkeet, fir ëmmer ënner engem gewëssenen Zäitdruck eng Rei vun europäeschen Direktiven ëmzesetzen, wat eis d'Serenitéit vun eisen Aarbechten e bësse perturbéiert huet an deene leschten dräi Joer.

De Wirtschaftsminister, de Jeannot Krecké, huet den Dépôt vum urspréngleche Projet de loi den 20. Mee 2008 gemaach. Dat sinn also elo knapp dräi Joer hier. Am Oktober 2008 ass den ursprénglechen Text eng éischte Kéier opgespléckt ginn, fir d'Direktiv iwwert déi déloyal Handelspraktiken zäitgeméis nach kënnen ëmzesetzen.

Am Mee 2010 ass, no Ofsprooch allerdéngs mat eiser Kommissioun, d'Regierung dohinnergangen an huet eng ganz Serie vun Amendementé presentéiert zu hirem eegenen ursprénglechen Text, fir zwou aner wichteg europäesch Direktive kënnen uerdentlech a schnell ëmzesetzen: eng Direktiv vum 23. Abrëll 2008 iwwer Kreditverträge fir Konsumenten a schliesslech eng vum 14. Januar 2009 iwwert de sogenannte „timeshare“. Op engem Detailpunkt, deem vun der Konformitéitsgarantie, ass schliesslech an der Tëschenzäit och nach eng Kéier speziell légiféréiert ginn.

D'Wirtschaftskommissioun huet sech am Laf vun deene leschte Joren eng gutt Dose Kéieren a Sitzunge mat deem heite Gesetzesprojet befaasst a virun allem och déi vill Avisen an aner Froen, déi mat deem Projet zesummenhängen, diskutéiert, wéi zum Beispill och d'Fro vum dem Sanktionsmechanismus bei esou Vergehen an deem heite Beräich respektiv och d'Fro vun der Iwwerscheldungsproblematik, wou mer eng gemeinsam Sitzung hate vun der Wirtschaftskommissioun a vun der Familljekommissioun.

Ech wëll en décke Merci soe fir d'Gedold, déi opbruecht ginn ass, och an der Kommissioun selwer, fir dach awer oft eng technesch, juristesche-technesch Problematik, déi sech gestallt huet a wou mer vill Stonnen Diskussioune haten. En décke Merci also och un de Sekretär vun der Kommissioun, deen eng Heedenaarbecht hei geleescht huet, wéi awer och fir d'Expertise vun de Mataarbechter vum Ministère, déi eis zu all Moment voll a ganz zur Verfügung stoungen, déi eis geholfen hunn hei, deen heite Projet och op e gutt Enn ze bréngen.

Ech mengen also, dass insgesamt gutt legislativ Aarbecht hei geleescht ginn ass. Mä si ass natierlech net schrecklech spektakulär, an dëse Projet gehéiert trotz senger Importenz net zu deenen, déi e groussen öffentliche Interêt dobausse provozéieren. Ech mengen dach, dass Lëtzebuerg heimadde awer e Stéck Moderniséierung och vu sengem Konsumentenschutz virhält, wat eng ganz wichteg Fro ass an engem Land, wou de Konsum eng wichteg Roll spillt, wou all Dag jiddweree vun eis, andeem en iergendwou en Akaf tätet, e Vertrag ofschléisst a wou dann u sech déi heite gesetzlech Bestëmmungen och zur voller Geltung kommen.

Fir mech selwer, wëll ech soen, war et en Erëmbegéien, no langer Zäit, mat der Matière vum Konsumentenschutz, well ech a menger Ufankszäit hei als Deputéierten - et geet an d'80er Joren zrëck - emol Rapporteur war vum Gesetzesprojet iwwert de juristesche Schutz vum Konsument, deen d'Gesetz vum 15. Mee 1987 ginn ass.

## (Interruption)

Leider!

D'Konsumenterecht, dat ass eng Matière, déi ganz am Ursprung nach u sech méi eng national Essenz hat an déi mat der Zäit ganz kloer an den europäesche Beräich erakomm ass. Dat ass och ganz normal. Ech mengen, mat der Schafung vum europäesche Bannemaart gëtt et selbstverständlech, dass, wann een d'Regel vun der fräier Zirkulatioun vun de Gidder a vun de Servicer wëllt respektéieren loosse, et och logesch ass, fir eng ganz Rëtsch vu gemeinsame Regele festzeleeën, déi d'Verhältnis vum Konsument a vun de Professionelle regelen.

Et geet also drëm, fir hei eng Harmoniséierung vun deene Regeln op dem Niveau vun der EU ze kréien, fir och esou ze garantéieren, dass et net iwwert de Wee vu Konsumentenschutzregelen zu Konkurrenzverzerrung kennt respektiv zu verstopptem Protektionismus an deenen eenzelne Memberstate vun der EU ka kommen.

De Prinzip, deen d'Regierung sech virginn huet an dee mer och als Kommissioun grosso modo respektéiert hunn, dat ass, dass mer hei probéieren, déi europäesch Texter wa méiglech eent zu eent an national Recht ëmzesetzen. Et bleift awer, dass mer och gemeinsam eng Suerg hate während deene ganzen Aarbechten, dass eng Rei vu bestehenden nationale Regeln, déi hir Preuvë gemaach hunn an déi fest verankert sinn an eise Rechtssystem, net sollten elo iwwert déi Kodifikatioun hei op d'Kopp geworf ginn. Déi hu mer probéiert, esou wäit wéi méiglech och nach bäizebehalen. Mä och an deene leschte Joren ass schonn eng ganz staark Harmoniséierungsarbeit um Niveau vun der EU gemaach ginn.

Dës Ausarbeitung vun dem Code ass also eng Konsolidéierungsarbeit vum bestehende Konsumenterecht. Ausser eenzelnen neien europäesche Bestëmmungen, op déi ech méi spët nach wäert agoen, ass et also eng Kodifikatioun no bestehendem Recht, déi hei duerchgefouert gëtt.

Et muss ee soen, dass sech awer an deenen Texter eng dach remarquabel Entwécklung erëmispigelt, wann ee bis an d'80er Jore vum leschte Jorhonnert zrëckgeet, also un den Ufank eigentlech vum Konsumentenschutz. Well ee jo awer mierkt, dass d'Tendenz ganz kloer déi lescht Joren higaangen ass, och op europäeschem Plang, fir en Ausbau vun deem Konsumentenschutz ze maachen.

De Konsumentenschutz ass net zrëckgedréckt ginn. De Konsumentenschutz ass ausgebaut ginn, zum Deel och gedriwwen duerch eng Rei vu Skandalen, déi stattfonnt hunn, duerch de Versuch oft vun net scrupulöse Leit, fir sech laanscht bestehend gesetzlech Regeln ze drécken, déi et noutwendeg gemaach hunn, och ëmmer erëm Texter vum Konsumentenschutz nozebesseren.

Virun allem awer och ass déi Tendenz gekennzeechent gewiescht déi lescht 20 Joer vun engem Ausbau och vum Sanktionsmechanismus, wou also elo net méi eleng d'Gerichter déi sinn, déi hei bei de Sanktiounen matspillen, mä wou och eng Rei vun administrative Mesurë kënnen geholl ginn, fir anzegräifen, a virun allem och, wou virun enger Rei vu Joren och d'Kloerheit fir d'Associatiounen an deem heiten Domän an eis Gesetzgebung agefouert ginn ass.

Zum Inhalt: Dëse Code ëmfaasst eng ganz Partie vu gesetzleche Reglementéierungen, déi de juristeschen an de wirtschaftleche Schutz vum Konsument betreffen. Allerdéngs ass awer dovun ofgesi ginn, fir eng Rei vu méi techneschen Texter mat an deen heite Code ze integréieren. Dat gëllt zum Beispill fir eis Bestëmmungen ronderëm de Colportage an och fir méi technesch Reglementer, déi d'Gesondheet, d'Liewensméttel respektiv d'Produktsécherheet betreffen. All déi Froen, déi an deem Code hei behandelt ginn, zentrierte sech ronderëm d'Vertragsrecht.

Wat ass elo den Opbau vun eise éischte Lëtzeburger Code de la consommation? Den Opbau ass esou, dass et fir d'Éischt ugeet mat enger Rei vun allgemengen Definitionen, déi een herno an den eenzelnen Texter erëmfënnt, wou mer also elo





harmoniséiert Definitiounen hunn iwwer eng ganz Partie vu Schlësselbegrëffer, déi mer am Konsumenteschutz hei zu Lëtzebuerg erëmfannen.

Et kommen da verschidden Deeler, dräi am Ganzen, sougenannte Bicher, wou den éischten Deel all d'Bestëmmungen ëmfaasst, déi d'Informatioun vum Konsument betreffen, wou den zweeten Deel inhaltlech Regele festleet, déi d'Vertrëg uginnt, fir d'Éischt allgemeng Regeln, déi also fir sämtlech Zorte vu Vertrëg gëllen, an da spezifesch Regele fir eenzel Vertragsformen.

Schliesslech huet dee Code hei en drëtten Deel, wou sämtlech prozedural Aspekter eigentlech an engem Buch zesummegefaasst ginn, wéi zum Beispill d'Action en cessation, wat e wichtegt Instrument ass, fir kënnen géint Verstéiss géint d'Konsumenteschutzgesetz virzegoen, wéi och d'Verankerung vun eise Conseil de la consommation respektiv Agrémentsfroen, déi sech an deem Zesummenhang stelle vum Konsumenteschutz.

Et géif elo sécherlech ze wäit féieren, fir op all Detailer vum Konsumenteschutz anzugeen. Fir déi Leit, déi dat wëllen, kann ech nëmmen als Bettlecture eise Code de la consommation empfehlen. Ob Der dann nach en A zoumaacht, weess ech net.

► **Une voix.**- Et géif een emol eng Kéier gutt schlofen!

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur*.- Mä op jidde Fall ass et nëtzlech, fir sech nach eng Kéier ze rappeléieren, wat mer haut scho vu Bestëmmunge vum Konsumenteschutz hunn. Well ech hunn den Androck, wann ech esou duerch Lëtzebuerg trëppelen, dass esou munches vun deene Regeln eigentlech an der Praxis éischters net bekannt ass an zweetens och net respektéiert gëtt.

Hei gëtt, wéi gesot, op der Basis vum bestehende Recht konsolidéiert, mat Ausnahm vum deenen zwou neien europäeschen Direktiven, déi mer gläichzäiteg haut mam Vote vun deem heite Gesetz och wäerten an national Recht ëmsetzen. Ech wëll duerfir als Rapporteur nach eng Kéier insistéieren op d'Noutwendegkeet, fir eng breet Informatioun, eng Sensibiliséierung vun allen Acteure virzehuelen, sief dat d'Konsumenten, sief dat och déi Leit, déi berufflech eigentlech mat deene Vertrëg ze dinn hunn.

An d'Regierung wier sécherlech och gutt beroden, fir eng large Diffusioun vun deene Konsumenteschutzregelen nach eng Kéier kënnen an Ugrëff ze huelen. Well ech sinn der Meenung, dass nëmmen eng intensiv Vulgariséierungsaarbecht vun deene gesetzleche Bestëmmungen och ka garantéieren, dass mer et hei net mat Gesetzesdispositiounen ze dinn hunn, déi herno lettre morte bleiwen, mä déi och an der Praxis kënnen spillen.

Well wa mer de Prinzip „nul n'est censé ignorer la loi“ seriö huelen, dann ass et kloer, dass mer mussen fir d'Éischt op Informatioun, op Explicatioun setzen. An do geet sécherlech d'Publikatioun am Mémorial beileiwen net duer, fir eben ze garantéieren, dass de Konsument seng Rechter och effektiv kenneléiert. Well nëmmen esou kann e se och an der Praxis an Usproch huelen.

Dat gëllt och fir déi Professionell, déi mat der Ëmsetzung vun deenen Texter hei ze dinn hu respektiv deene ka virgeworf ginn, dass se sech net u gesetzlech Bestëmmunge gehalen hunn. Duerfir läit och eng wichteg Missioun hei bei de Chambres professionnelles, bei de Beruffschamberen, fir déi Informatiounen hei un hir Membere an enger opbereetener Form weiderzeginn, a selbstverständlech och bei de Konsumenteschutzorganisatiounen, déi eng ähnlech Missioun hu par rapport zu de Verbraucher.

Ee Wuert zu deenen zwou Direktive vun 2008, déi mer hei ëmsetzen an déi eng ganz Rëtsch vun Neierunge par rapport zu eise geltende Recht vun haut awer wäerte mat sech bréngen. Éischters emol déi Direktiv, déi sech mam Crédit à la consommation, also mam Verbraucher-kredit ofgëtt - do si véier Haaptneierungen ze verzechnen:

Éischters kënn et zu enger Verstärkung a Standardiséierung vun den Informa-

tiounen, déi de Prêteur muss virum Vertragsofschloss ginn. De Konsument muss an Zukunft ausféierlech iwwert déi verschidden Offere informéiert ginn, fir dass e kann déi richtig Décisioun huelen.

Zweet Neierung: D'Zahlungsfäegkeet vum Konsument gëtt virum Vertragsofschloss besser iwwerpréift. Dat setzt och viraus, dass hie selwer och vu sech aus eng Rei vu richtegen Informatiounen un de Prêteur weidergëtt.

Drëtter Punkt: Den Délai, fir de Kontrakt ze widderruffen, gëtt vereenheetlecht an op 14 Deeg festgeluecht.

A véiertens: Déi sougenannten Intermédiaires de crédit ginn eng Rei vu Verflüchtunge géintiwwer dem Konsument an.

Schliesslech huet d'Regierung, ähnlech wéi dat a Frankräich oder an der Belsch och de Fall ass, drop gehalen, fir eng Rei vu spezielle Regele festzeleeën, wat d'Publizitéit bei de Konsumkreditteer ugeet, fir esou och kënnen géint eng Rei vu Bauernfänger-methode virzegoen, déi sech besonnesch och am Grenzraum hei vu Lëtzebuerg ganz staark breetgemaach hunn, wat de Crédit à la consommation ugeet.

Sou steet zum Beispill hei an deem Gesetzestext dran, dass esou Indicatione wéi „crédit gratuit“ total verbuede sinn, well se einfach dem Konsument e ganz falscht Bild ginn, well se net der Wirklechkeet entsprechen. An et muss ee weider drop insistéieren, dass jo och eise Konsumenteschutz am Allgemenge virgesäit, dass een, wat den Taux bei de Prêteur ugeet, do den „taux annuel effectif global“ muss indiquéieren. A wat dat ass, wéi dat muss gerechent ginn, dat gëtt och hei iwwert déi europäesch Texter festgeluecht.

Fir länger Diskussiounen an der Kommissioun huet d'Fro vum Délai de rétractation beim elektronischen Handel gesuergt. De Prinzip hei ass am Konsumenteschutz, dass de Konsument berechtigt ass, bannent engem gewëssenen Délai nom Ofschloss vum Kontrakt sech vun deem Kontrakt erëm zrëckzezéien. Déi Délaië ware bis elo verschidden. Hei gëtt am Allgemenge virgeschloen, den Délai elo op 14 Kalennerdeeg festzeleeën. Eng Ausnahm bleift bis op Weideres de Commerce électronique, wou mer wëllen eigentlech bei der bestehender Bestëmmung bleiwen, déi virgesäit, dass do den Délai, fir sech ze rétractéieren, bei siwe Schaffdeeg festgeluecht ass.

No Consultatioun och vun den zoustänneg Regierungsstelle si mer zur Iwwerzeegung komm, zumindest an der Majoritéit vun der Kommissioun, dass et elo net de Moment wier, fir an där doter Fro virun de Won ze lafen, dass mer momentan sollte bei deem Délai vu siwen Deeg bleiwe wéinst der Bedeitung och, déi de Commerce électronique hei zu Lëtzebuerg huet, a well och déi meeschte Länner nach ëmmer en ähnlechen Délai hunn, wéi mer dat hei zu Lëtzebuerg hunn. Et ass selbstverständlech, dass, wann et op europäeschem Plang zur Harmoniséierung vun deem Délai kënn, Lëtzebuerg sech dann och do wäert conforméieren.

En anere Punkt, dee mer diskutéiert hunn an der Kommissioun, ass dee vun der Indication vun den Tëschenhändler. Tëschenhändler bei Prêteur, ech mengen, dat kennt ee virun allem am Beräich vum Autoverkauf, wou u sech den Autoshändler den Tëschenhändler ass, mä wou hannert dem Autosverkeefer en anere Prêteur steet. An do ass d'Suerg, fir méi Transparenz eigentlech an déi Geschäfte eranzebréngen, an et ass virgesinn am Regierungstext, dass do u sech muss eng Lëscht erstallt gi vu sämtlechen Tëschenhändler, déi an deem dote Beräich hei zu Lëtzebuerg tätég sinn.

Mir hunn als Kommissioun drop gehalen - an den Amendement an deem Sënn ass och akzeptéiert ginn -, dass och muss op där Lëscht vermierkt ginn, wat d'Prêteur sinn, déi hannert deenen Tëschenhändler stinn. Sou dass een also elo e kompletten Iwwerblëck huet iwwert déi dote Situation, wien also bei esou Crédits à la consommation eigentlech den Tëschenhändler ass a wat fir ee Prêteur hannert dem Tëschenhändler steet.

Dat gëtt zumindest eng gewëssen Transparenz an dat kann, mengen ech, zu enger Moraliséierung eigentlech vun de praktesche Geschäftsregelen an deem dote

Beräich féieren. Mir hunn allerdéngs virgesinn, dass mer fir d'Applikatioun vun deem dote Punkt géifen eng Période transitoire vu sechs Méint virgesinn, fir dass déi bestehend Entreprisë sech kënnen conforme setzen zu deenen neie gesetzleche Bestëmmungen.

E puer Wuert dann och iwwert déi zweet Direktiv, déi mer hei gläichzäiteg mat ëmsetzen, wou och eng ganz Rëtsch vu Verbesserungen a puncto Verbraucherschutz hei an national Recht elo wäerten iwwergeen. Dat betrëfft dee sougenannten „timeshare“, dat heescht also d'Deelnutzungsrecht, wéi dat an Däitschland genannt gëtt. Et geet also hei drëm, fir Nutzungsrechter op bestëmmte Gidder, déi zäitlech opgedeelt sinn tëschent verschiddenen Notzer, besser se regele wéi dat haut de Fall ass. An déiselwecht Bestëmmung era komme laangfristeg Vakanzprodukter an hir Vertrëg respektiv och Échangevertrëg, déi d'selwecht géife behandelt ginn.

Firwat war et noutwendeg, fir d'Texter, déi haut op 1994 zrëckginn, ëmzeänneren? Mä, well et zu skrupellose Praktike komm ass, déi et noutwendeg gemaach hunn, fir d'Schutzbestëmmungen ze erweitere. Dat spigelt sech doranner erëm, dass de Champ d'application vun deenen neie gesetzleche Bestëmmunge méi grouss gemaach ginn ass.

E betrëfft elo net nëmmen Immobilien, mä och sougenannte beweglech Gidder, wéi zum Beispill och Caravannen oder Schëffer. Da gëtt de Rétractationsdélai op 14 Deeg eropgesat. Et gëtt verbueden an Zukunft, fir d'Bezuele vun Avancen ze verlaange bei esou Deelnutzungsvertrëg, an de Regime vun de Garantie gëtt prezisiéiert. Schliesslech gëtt et eng ganz Rëtsch vu Bestëmmunge betreffend detailléiert Virinformatiounen, déi also virun der Konklusioun vun esou Vertrëg mussen dem Konsument zur Verfügung gestallt ginn.

Als Kommissioun begrësse mer selbstverständlech des Verstärkung eigentlech vum Konsumenteschutz bei där doter spezieller Form vu Vertrëg.

Weider Diskussiounen bei eiser parlamentarescher Aarbecht hu sech gericht ronderëm d'Gerichtskompetenzen: Et war virgesi vu Regierungssäit - wat contestéiert ginn ass vum Statsrot a mat enger Opposition formelle versi war -, fir u sech dem Friddensgericht eng allgemeng Kompetenz ze ginn, wéinst der Accélération vun de Prozeduren. Do gëtt et allerdéngs eng Rei vun Argumenter rechtlicher Natur, fir net op deen dote Wee ze goen. Mir hunn eis als Kommissioun do schlussendlech der Opposition vum Conseil d'État gefügt.

A mir haten Diskussiounen - an do hate mer och eng Entrevue mam Justizminister zu där doter Fro -, wéi an Zukunft sollen d'Sanktiounen ausgesinn am Beräich vun Handel a Wirtschaft, wou et eng ganz staark Tendenz gëtt, déi sech och schon am Ausland erëmspigelt an eenzelne Gesetzgebungen, fir ze soen, dass eigentlech dee klassische Wee vun enger Plainte pénale e ganz schwéiere Wee ass, e Wee ass, deen oft net bis zu Enn gefouert gëtt a mat groussen Zäitverloschter verbonnen ass, a wou eng Tendenz besteet, fir also méi schnell administrativ Sanktiounen festzeleeën.

D'Regierung huet schlussendlech awer dovun ofgesinn, fir elo scho bei deem Projet wëllen op deen dote Wee ze goen. Mä et ass sécherlech eng Diskussioun, déi mer méi breet a méi allgemeng och nach wäerten hei zu Lëtzebuerg féiere mussen.

Wat allerdéngs hei elo am Text virgesinn ass, dat ass d'Reintroduction vun der sougenannter Amende transactionnelle, also iwwert de Wee vun engem Avertissement taxé. An deem Fall, wou de Konsument net déi néideg Informatiounen virum Vertragsofschloss kritt huet, do ass et elo méiglech, iwwert den Avertissement taxé eng Amende transactionnelle festzeleeën. Den Avantage natierlech vun deem dote System ass, dass ganz schnell ka gehandelt ginn an dass direkt am Fong en Effet ze gesinn ass bei engem Verstouss géint d'Regele vum Konsumenteschutz.

Et ass eis gelongen, op all vum Statsrot formuléiert formellen Oppositionen eng Äntwert ze fannen, sief et, dass mer den Text vum Conseil d'État iwwerholl hunn, sief et awer och, dass mer konnter nei

Argumenter noliwwere respektiv nei Textproposéieren maachen, sou dass mer et also hei mat engem Text ze dinn hunn, deen och dierft iwwert d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel erausgoen.

E leschte Wunsch, deen ech nach ze formuléieren hätt als Rapporteur, wär, dass och Suerg gedroe gëtt, dass elo gläichzäiteg mat der Publikatioun vun deem heite Gesetzestext och dat eent oder dat anert Ausféierungsreglement, wat nach ze huele bleift, mat publizéiert gëtt, fir dass mer zu enger propperer Ëmsetzung kënnen direkt um Terrain kommen. Dat also, mengen ech, ass nach eng Hausaufgab, déi op d'Regierung duerkënnt.

Dat gesot, konnt ech feststellen, dass mer zum Schluss an der Kommissioun eng breet Majoritéit fir deen heiten Text haten. An ech géif also och am Numm vun der Wirtschaftskommissioun der Chamber proposéieren, den Text, wéi virgeschloen, ze stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Alex Bodry. Als éischte Riedner hu mer elo den honorabelen Här Léon Gloden, deen agedroen ass. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

## Discussion générale

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt dem Rapporteur Merci soe fir säin detailléierte Rapport a seng gutt Aarbecht. Mir hu vill iwwert dese Projet an der Ekonomieskommissioun diskutéiert. D'Diskussiounen waren natierlech méi juristescher Natur wéi ekonomescher Natur.

No bal dräi Joer stëmme mer de Mëtteg also de Projet de loi betreffend de Code de la consommation. D'Kodifikatioun kënn vum latäinesche Wuert codex, wat selwer vu caudex ofgeleet ass. D'Definitioun vum Codex, déi een ënner anerem um Site Wiktionnaire fënnt, ass déi heiten: Codex «désignait à l'origine les troncs des arbres, puis par la suite les tablettes conçues à l'aide de ces derniers. Le terme a ensuite désigné plus généralement les livres, puis plus précisément les livres juridiques rassemblant les lois, et finalement par métonymie le mot code a été employé pour désigner l'ensemble des lois écrites dans ces livres».

Vum intellektuelle Point de vue ass et, wéi et am Vocabulaire juridique vum Gérard Cornu an der Édition Presse universitaire de France heescht, een «ensemble cohérent des règles qui gouvernent une matière; corps de droit résultant en une matière, du regroupement et de l'ordonnance des règles qui s'y rapportent (en général selon un plan systématique), mais qui peut être le fruit soit d'une véritable codification, c'est-à-dire un droit nouveau, soit d'une codification administrative purement formelle, un droit constant».

Mir kennen haut eng Rei Coden, wéi zum Beispill de Code civil, den nouveau Code de procédure civile, de Code commercial, de Code pénal, de Code de procédure pénale oder awer och de Code fiscal an de Code du Travail.

Wéi gesot, et gëtt verschidde Kategorië vu Kodifikatiounen. Et kann een nei Regele schreiwen, déi dann an engem eenzege Corps zesummegefaasst ginn, sou wéi de Code civil. Hei sot 1804 de Jean-Etienne Portalis, ee vun den Haaptredacteuren vum Code civil: Le code civil est «un corps de loi destiné à diriger et à fixer les relations de sociabilité, de famille et d'intérêt qu'ont entre eux des hommes qui appartiennent à la même cité. Il est une transaction entre le droit romain et les coutumes, toutes les fois qu'il a été possible de concilier leurs dispositions (...) sans rompre l'unité du système».

De Code de la consommation ass net esou eng Kodifikatioun, mä eng Konsolidatioun vu bestehenden Texter, déi an engem eenzegen Ouvrage regroupéiert ginn, also eng Codification à droit constant, mä mat der Reserv, datt mer dräi europäesch





Direktiven transposéiert hunn: d'Direktiv 2005/29 iwwert d'Pratiques commerciales déloyales, déi schonn duerch e Gesetz vum 29. Abrëll 2009 an nationaalt Recht ëmgesat ginn ass - dëst Gesetz gëtt awer elo hei an de Code integréiert an d'Gesetz vum 29. Abrëll abrogéiert -; dann hu mer och d'Direktiv 2008/48 betreffend d'Contrats de crédit aux consommateurs an d'Direktiv 2008/122 iwwert den Time-sharing an de Code de la consommation integréiert.

De Rapporteur ass op den Historique agaangen, an ech wëll net méi déi verschidden Etappen hei widderhuelen. Mir hunn also bal dräi Joer gebraucht, bis de Projet de loi dëse Mëtteg ka gestëmmt ginn. Wann ee weess, datt de Code civil innerhalb vu véier Joer tëschent August 1800 an 1804 geschriwwen an ugeholl ginn ass, dann erlaben ech mer hei eng Citatioun vum Jean Imbert aus engem Artikel «Code civil» du «Dictionnaire Napoléon» ze zitieren, wou e schreift: Le code civil «fut établi avec une rapidité que l'on ne devait jamais revoir ni en France ni ailleurs». De Mann hat net ganz Onrecht.

De Code de la consommation soll e Guide, en Outil de travail, e Referenzwierk souwuel fir d'Consommateuren an d'Entreprise wéi och fir d'Jurist sinn. An deem Sënn suivéiert de Code de la consommation och déi verschidden Etappen, déi d'Partie sollen oder mussen duerchlafen, bis e Kontrakt ofgeschloss gëtt.

An enger éischter Partie sinn d'Définitionne regroupéiert. An enger zweeter Partie, am sougenannte Livre 1, ass de generelle Prinzip festgehalen, datt de Consommateur muss de façon claire et compréhensible iwwert d'Caractéristiques essentielles des biens ou services informéiert ginn.

An der drëtter Partie, dem Livre 2, sinn dann d'Regle betreffend d'Ofschleissung vun engem Kontrakt tëschent Consommateur a Professionnel festgeluecht: fir d'Éischt déi generell Dispositionen, déi applicabel op all Kontrakter sinn, an duerno déi spezifesch Regeln, déi bestëmmte Kontrakter regéieren, wéi zum Beispill den Timesharing an d'Contrats de crédit à la consommation.

An enger leschter Partie, am troisième livre, sinn dann d'prozedural Dispositionne festgehalen, notament, wéi eng Aktiounen dem Consommateur zur Verfügung stinn, wann d'Regelen aus dem Code de la consommation net respektéiert ginn.

Well den Ordre du jour vun dëser Séance zimlech chargéiert ass, wëll ech elo net op déi interessant Diskussiounen an der Kommissioun iwwert déi verschidden Oppositions formelles an aner Remarqué vum Statsrot wéi vun deene verschidde Chamberen, déi hiren Avis heizou ofginn hunn, agoen.

E puer Punkte wëllt ech awer ervirsträichen. Dee berühmten Droit de rétractation vum Consommateur hu mer harmoniséiert, an e beleeft sech am Prinzip op 14 Deeg, ausser, wéi de Rapporteur och gesot huet, am Domän vum Commerce électronique, wou mer siwe Schaffdeeg bäibehalen hunn. Dat ass eent vu ville wichtigen Elementer, fir d'Kompetitivitéit an deem Secteur hei zu Lëtzebuerg ze assureieren.

Am Kader vun deem Projet de loi ass och um Ufank eng Diskussioun lassgetrëppelt ginn iwwert d'Sanctions pénales am Droit de la consommation. Am Abrëll 2010 huet d'Regierung proposéiert, d'Sanctions pénales duerch Sanctions administratives ze ersetzen. Dës Iddi ass ze begrëssen. Well awer dës Kodifikatioun eng Codification à droit constant ass, hu mer dovun ofgesinn, dat hei ëmzesetzen. D'Depénalisation an verschiddenen Droitsdomänen soll fir d'Éischt op méi enger breeder Basis diskutéiert ginn.

Am Kapitel iwwert d'Dispositionne betreffend den Offichage vu Präisser war am Ufank driwwer nogeduecht ginn, fir eng Amende transactionnelle anzeféieren. De Statsrot hat awer do eng Opposition formelle gemaach, sou datt dës Iddi net tel

quel ëmgesat ginn ass. Duerfir kënnen awer ënner bestëmmte Bedéngungen Avertissements taxés ordonnéiert ginn.

Am Kader vum Contrat à distance hors services financiers si mer e bësse vum Wee vun der Codification à droit constant ofkomm, well mer am Artikel L222-3 iwwert d'Informations précontractuelles de Régime légal vum Commerce électronique a vun der Vente à distance zesummegeluecht hunn an doduerch vereenzelt Regeln, déi am Gesetz iwwert de Commerce électronique sech befannen, net méi iwwerholl hunn.

Esou eng Kodifikatioun ass ee Chantier, deem am Fong ni fäerdeg ass. Zurzäit gëtt de Livre vert relatif aux actions envisageables en vue de la création d'un droit européen des contrats pour les consommateurs et les entreprises diskutéiert. D'Sous-Commissioun, déi an der Chamber dofir kreeiert ginn ass, wäert no der Ouschtervakanz hiren Avis iwwert dëse Livre vert der Commission juridique virleeden.

Laut enger Kommunikatioun vun der Europäescher Kommissioun vum 22. Oktober 2009 ginn zum Beispill 61% vun de Commandes transfrontalières en ligne net ofgeschloss, well d'Parteien zécken, sech der Législatioun ze ënnerwerfen, déi se net kennen. Hei ass also nach Potenzial fir de Marché unique, also och fir d'Consommateuren an d'Entreprises hei zu Lëtzebuerg.

An deem Livre vert gëtt ënner anerem iwwert de Champ d'application matériel an iwwert de Choix vum Instrument juridique diskutéiert, wéi een esou een Droit européen des contrats kéint opstellen.

Eng vun de wichtige Froen ass an deem Kontext, ob een esou een Droit européen des contrats obligatoresch oder fakultativ mécht. Doriwwer eraus ass och d'Europäesch Kommissioun amgang, en éischte Corps de règles auszeschaffen, wat den Droit européen des contrats beinhalte soll.

Erlaabt mer an deem Kontext eng Reflexioun. Mir mussen eis vun der Iddi lassrappen, ze mengen, datt de Consommateur déi héchst méiglech Protektioun sicht. De Consommateur, deem oft, awer net ëmmer, dat méi schwacht Glidd an enger kommerzieller Transaktioun ass, sicht niewent engem adequaten Niveau vu Protektioun och d'Sécurité juridique contractuelle. D'Sécurité juridique contractuelle heescht net onbedéngt Niveau de protection le plus élevé, mä d'Sécurité juridique contractuelle heescht ausschaffe vu klaren, strukturéierte Regeln, déi verständlech sinn a wou de Consommateur, awer och d'Entreprise am Virus weess, op wat fir eng Regele se sech aloossen.

E klore verständlechen Droit de la consommation gëtt soumat och en Element vun der Kompetitivitéit. Mam Code de la consommation hu mer den éischte Schratt zu engem méi klaren a strukturéierten Droit de la consommation gemaach - eng Affaire à suivre.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Léon Gloden. Als nächste Riedner ass den Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).**- Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, de Konsumenteschutz ass eng wichtige Aufgab. En huet divers Aspekter. Wéi mer Enn 2010 hei an der Chamber iwwert d'Transposition vum der Spillgezeidirektiv diskutéiert hunn, gouf eis eng weider Kéier virun Ae gefouert, wéi séier de Schutz vum Konsument, an deem Fall besonnesch de Schutz vun de Kanner, a Fro gestallt ka ginn.

Hautdësdays gi mir als Konsument zegmol erausgefuerdert, sief et beim Surfen am Netz, beim Ofschleisse vun Autokreditter oder ganz einfach nëmmen, well et eng Hällewull vu Méiglechkeete gëtt, fir Wueren a Services op ënnerschiddlech Manéieren ze kafen.

Wéi meng zwee juristesche Virriedner schonn ënnerstrach hunn, steet beim Code de la consommation ënner anerem d'Transparenz am Mëttelpunkt. Transparenz ass e wichtegt Wuert, well et heescht

jo, de virrangege Rôle vun enger seriöser a kompletter Informatioun vum Konsument ze ënnersträichen.

De Konsument huet e fundamentaalt Recht, fair behandelt ze ginn. Duerfir soll alles ënnerholl ginn, fir esou wäit wéi méiglech iwwer all Detailler vun engem Kontrakt oder engem Kaf opzeklären. Et bedeit doriwwer eraus, datt e Marché entsteet, op deem all Form vun déloyalem Behuele vu Firme bekämpft an ënnerbonne ka ginn. Dat ass e grousst Zil, dat ee sech am Sënn vun enger gerechter an eierlecher Konkurrenz virun Aen hale muss.

Mir kennen alleguer genügend Beispiller, wou de Konsument iwwert d'Ouer gehae gouf, wou en also d'Affer vun onkoschere Verkaufspraktiken oder vun douteuxë Kreditinstituter gouf.

Transparenz heescht och, datt een zu enger méi grousser Lieserlechkeet, spréch Verständlechkeet a Kohärenz vun den Texten am Beräich vum Konsumenteschutz muss kommen.

De Konsument schütze bedeit, datt déi rechtlech Grondlage fir de Grand public accessibel sinn an datt een evidenterweis och muss versichen, déi Dispositionen ze ergänzen, déi dozou bäidroen, all Forme vun Abusen a Violatiounen vum Konsumenterecht nohalte ze bestrofen. Transparenz, Kohärenz a Fairness muss groussgeschriwwen ginn, wann et drëm geet, de Konsument ze schützen an opzeklären.

Mir als Demokratesch Partei setzen op de verantwortungsvolle Bierger, dee säi Choix fräi huele kann. Am Zäitalter vun de globaliséierte Mäert setze mir awer och op en effiziente Konsumenteschutz duerch e bessert Wëssen iwwert d'Produkte a Services a méi verständlech Regeln. Den neie Code de la consommation soll dësen Ufuerderungen a Realitéite gerecht ginn, dorëmmer verspreete gesetzlech a reglementaresch Texter zesummebréngen a se kodifizéieren.

Am Livre vert vun 2001, deem den Direktiven, déi mir haut an dat nationaalt Recht ëmsetzen, virausgeet, steet an der Aledung Folgendes - ech zitieren: «Pour que le marché intérieur puisse produire ses bénéfices à l'égard des consommateurs, ceux-ci doivent être en mesure d'accéder facilement aux biens et aux services promus, offerts et vendus par-delà les frontières. C'est le mouvement transfrontalier de biens et de services qui permet aux consommateurs de rechercher de bonnes affaires et des produits et services innovateurs et qui dès lors garantit qu'ils optimisent leurs décisions en matière de consommation. Cette demande transfrontalière renforce la pression de la concurrence au sein du marché intérieur et permet une offre de biens et de services plus efficace, à des prix compétitifs. Ce cercle vertueux ne peut être bouclé que si le cadre réglementaire en place incite les consommateurs et les entreprises à pratiquer des échanges transfrontaliers. Les différences des droits nationaux concernant les pratiques commerciales en matière de relations entre entreprises et consommateurs peuvent entraver cette évolution.»

Domadder war also de Kader gesat fir déi Direktiven, déi à la suite vun deem Livre vert op den europäeschen a spéider op déi national Instanzeweier geschéckt gi sinn. Ech wollt dee Passage kuerz zitieren, well mer heiansdo riskéieren, wa mer an der Chamberskommissioun a spéider an der Plénière hei sinn, de Bléck fir dat ze verléieren, firwat mir am Fong mat deenen Dossiere befaasst sinn.

Et gëtt iwwert de Livre vert eraus och eng Stratégie pour la politique des consommateurs, déi sech iwwert d'Joren 2007 an 2013 zéie soll, déi als Zil huet, de Commerce de détail am groussen Bannemaart ze verstärken. D'Verbraucher sollen an engem fräie Marché all hir Akeef maache kënnen mat deemselwechten Niveau u Protektioun an dobäi och vun deene kompetitivste Präisser kënnen profitéieren, woubäi Kompetitioun an deem Fall fir eis als Demokratesch Partei eigentlech mat enger verbesserter Qualitéit vun der Konkurrenz misst beziungsweis muss reimen.

De Projet de loi, dee mir haut diskutéieren a stëmmen, schreift sech engersäits an déi Démarche an, well en d'Direktiv iwwert

d'Pratique commerciale déloyale des entreprises ëmsetzt, an anerersäits, well e Code geschaf gëtt, deem d'Majoritéit vun de Regeln, déi hei zu Lëtzebuerg en vigueur sinn, an engem Text regroupéiert.

Et ass dat net ëmmer e ganz evidente Spagat, deem hei gemaach muss ginn tëschent der Virgab, de Konsument esou gutt wéi méiglech ze schützen, a gläichzäitig de Commerce awer och net ofzewiergen duerch ze vill schwéierfällg Prozeduren.

Mir als DP sinn der Meenung, datt deem Text, deem eis haut virläit, wahrscheinlech en zefridde stellende Kompromëss duerstellt a sécherlech nach verbesserungsfäeg ass. Dat ass och virdrun ugeklungen, mä Nobesserunge si jo net ausgeschloss, zum Beispill am Beräich vun der Harmonisatioun vun de Sanktiounen, déi applizéiert kënnen ginn. Hei heescht et, eng méi generell Reflexioun ze féieren. Dëst soll jo spéider an enger zweeter Etapp geschéien.

De Schutz vum Konsument ass wichteg, mä genausou wichteg ass et, datt och de Commerçant Rechter huet an déi net an den Hannergrond trieden dierfen. Net fir näischt schreift d'Chambre de Commerce an hirem Avis, datt déi juristesche Sécherheet vum Konsument gläichzäitig de legitimen Interesse vun de Professionelle gerecht muss ginn an dës Interesse muss garantéieren. Dëst virun allem am Gedanken an an der Suerg, fir den Esprit d'entreprise net ze découragéieren a soumat derfir ze suergen, datt Aarbechtsplazen erhalen oder nei Plaze kënnen geschaf ginn.

Här Präsident, dat sinn déi puer Elementer, déi ech an dës Diskussioun wollt abréngen, ouni awer ze vergiessen, dem Rapporteur, dem Alex Bodry, fir seng vill Detailaarbecht an der Kommissioun, fir déi e vläicht net ëmmer ze beneide war, a fir säin exzellente schréftlechen a mündleche Rapport Merci ze soen.

D'DP-Fraktioun wäert dëse Projet de loi stëmmen. Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här André Bauler. Als nächste Riedner ass den Här Henri Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech dem Här Bodry Merci soe fir säin exzellente schréftlechen, awer virun allem och hei den ausféierleche mündleche Rapport, deem u sech d'Aarbecht iwwert déi lescht dräi Joer ganz flott retracéiert huet. Ech géif och de Mataarbechter vum Ministère do Merci soen, déi och gehollef hunn, fir duerch dëse Bësch hei ze kommen, well et war effektiv net ëmmer esou ganz einfach, an deene juristesche Gepflogeneheeten do eens ze ginn. Als Netjurist war dat net ëmmer esou evident.

Ech konnt leider an der Kommissioun net derbäi sinn, wou de Rapport ofgestëmmt gi war. Do hate mer eis enthalten. Ech begrënnen och déi Enthalung vläicht. Ech wëll awer och direkt virausschécken, dass mer de Projet awer wëlle stëmmen, well et wär der Aarbecht awer net gutt gedoen, wa mer bei deem sécherlech wichtige Projet hei géifen nee soen.

Déi Enthalung baséiert u sech - an de Rapporteur war och virdrun drop agaan - iwwert d'Geschicht oder den Droit de rétractation, wou gesot ginn ass, dass mer generell 14 Deeg agefouert hunn, praktesch iwwert d'ganz Gesetz, mat der Ausnahm, wéi Lëtzebuerg dat esou oft mécht, beim Commerce électronique, wou da gesot gëtt, mir géifen nëmmen déi siwen Deeg huelen. Siwen Deeg.

Wann ech dann awer elo kucken, eng Kéier schwätze mer vu 14 Kalennerdeeg, an da schwätze mer bei dem Commerce électronique vu siwe Jours ouvrables. Wann een dann de Weekend ewechhëlt, da si mer op eemol bei néng Deeg, esou dass d'Zäit, déi een u sech huet, net méi allze wäit ewech gewiescht wär vun deene 14 Deeg, wat u sech allgemeng elo virgesinn ass. Dofir hätte mer léiwer gehat, mir hätten dat am Endeffekt och esou aktéiert. Mir hunn dat awer elo net gemaach. Dat ass e bësse schued.

Mä mir denken an allem, an dat hu meng dräi Virriedner hei scho breet an des Wei-





deren och erkläert, dass dëst Gesetz eng wichteg Funktioun huet - déi Kodifizierung ass wichteg gewiescht -, an dass et dann elo emol eng Kéier och fir de Konsument e wichtegt Element gëtt, fir ze summen eng Kéier duerchzekucken, wou seng Rechter sinn, a wou en och...

Selbstverständlech, och de Konsument huet Flichten, well de Konsument kann duerch säi Verhale munches änneren. Zum Beispill an der Energiefro kann en eben duerch säi geännert Verhale munches bewierken.

Dofir, ofschléissend nach eng Kéier Merci alleguerten deenen, déi hei matgehollef hunn. An ech ginn den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Henri Kox. Da kritt elo nach den Här Jacques-Yves Henckes d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Merci, Här President. Ech wëll och dem Rapporteur, dem Här Alex Bodry, villmools Merci soe fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Bericht. Et ass keen einfachen Text gewiescht, duerch dee mer hu missen an der Kommissioun goen. An de Rapporteur huet hei eng virbildlech Aarbecht geleesch.

Nach ass et esou, datt mer musse festhalen - an ech mengen, op alle Bänken ass dat och bis elo begréisst ginn -, datt déi Kodifikatioun absolut wichteg ass, wann de Konsument iwwerhaupt wëllt wëssen, wat seng Rechter sinn. Well wann een dat muss an enger Dose Gesetzgebunge siche goen, iwwerall queesch duerch d'Joren erduerch, ass dat bal onméiglech, fir datt den normale Konsument iwwerhaupt do eppes erausfanne kann.

Dat Zweet ass, datt eng gewëssen Unificatioun an den Délaie muss bestoen. Mir haten eng kleng Debatt iwwert de Commerce électronique, mä et ass selbstverständlech, datt een net kann e Commerce, deen elo scho mat siwen Deeg schafft, op eng Kéier vun engem Dag zum aneren nees erëm eng Kéier changéiere loossen. Ech mengen, dat wier och e schlechte Message.

Déi aner Problematik, déi nach bestoe bleift, dat ass déi vun der Aart a Weis, wéi ee soll virgoe bei deene Leit, deene Betriber, déi sech net un déi Konsumentenschutz-Gesetzgebung halen. Mir hu bis elo eng Méiglechkeet virgesinn. Dat ass déi vum Penal, vum Strofrichter.

Mir wëssen awer alleguerten, datt de Strofrichter, de Parquet net gären, sauf a ganz extremen Affären, strofrechtlech wëllt virgoen. Woufir? Well dat eng ganz komplizéiert Prozedur ass, wou ganz vill Intervenantië mussen drakommen. An dofir ginn déi Plainten do ganz oft klaséiert.

Dat Zweet ass, et ass och oft net iwwert de Wee vum Penal, wou eppes ze sichen ass, well dee Betrib, deen accuséiert ass, vläicht ee vu senge Leit oder eng Négligence gemaach huet, an doduerch kann eng Problematik entstoën. Dofir plädéiere mer als ADR ganz staark d'fir, datt mer solle méi op de Wee goe vun Amendes administratives. Well ganz oft geet schonn de Brëif duer, vun enger Administratioun, déi warnt, datt eng Amende administrative kéint geschéien, fir datt de Betrib sech excuséiert an datt eng Modifikatioun vun hirer Attitüd ka kommen.

Dat gesot, mengen ech, ass dat heiten e gutt Gesetz, well et codifiéiert, simplifiéiert, a mir mussen awer just nach bei e puer Sujeten um Ball bleiwen. Dat gesot, wëll ech awer och den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Henckes. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun, an d'Wuert kritt elo de Wirtschaftsminister, den Här Jeannot Krecké.

► **M. Jeannot Krecké**, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt och hei e wierklech waarmen, éierleche Merci un d'Kommissioun, déi a laange Sitzungen hei eng Aarbecht gemaach huet, déi dem Parlament wierklech Éier mécht.

Ech muss soen, hei ass wierklech de Mérite op der Säit vum Parlament. Mir hunn als Regierung en Text virgeluecht, mä et ass wierklech intensiv un deem Text geschafft ginn, an de Rapporteur huet natierlech als President a Rapporteur hei e wesentleche Bäitrag geleesch.

Mä awer och all déi aner Leit an där Kommissioun, muss ech soen, hunn deen Text verbessert, hunn doraus eppes gemaach, mengen ech, wat sech weise léisst. Ech muss och menge Collaborateuren an deem dote Service Merci soen, well si mech vill mat duerchgehollef hunn, als net gradesou grousech Spezialist wéi si an där doter Matière.

Mir erfëllen hei am Fong geholl de Koalitionsaccord vun 2004, wat weist, dass, wann ee sech an eng Kodifizierung lancéiert, ee muss dervun ausgoen, dass dat eng länger Zäit dauert. Bon, mir haten e Comité d'accompagnement, wou d'Leit am Fong geholl „en nom personnel“ dohinner genannt gi si vu mir, well se doranner kompetent sinn. An ech mengen, dat huet eis ganz vill gehollef, déi Kompetenz, déi mir am Ministère hunn, ze komplettéieren.

An ech mengen, si ware sech relativ schnell eens iwwert d'Ausrichtung vun deem Ganzen, an de Rapporteur huet esou munches doriwwer gesot, iwwert d'Verbesserungen, d'Moderniséierungen, iwwert d'Aart a Weis, wéi et och vereinfacht ginn ass, ouni dass een awer elo grondleeënd gréisser Emännerunge gemaach hätt. Well wann een dat gemaach hätt, dann, mengen ech, da wiere mer fir zéng Joer ënnerwee gewiescht. Et ass besser, dass een do eng Kéier kodifizéiert.

Sécherlech ass deen Text Verbesserungsfäeg, och nach duerno. Et sinn och Abstraktiounen gemaach gi vun enger Rei Texter, wou ee sech hätt kënne virstellen, dass déi och iergendwann do mat eraginn. Dat muss ee kucken a spéideren Zäiten, wéi een do virgeet.

Ech mengen, et sinn och nach eng Rei, esou wéi dat och de Conseil d'État seet, Lourdeurs administratives bliwwen, mä dat hätt esou wesentlech Emännerunge mat sech bruecht, mengen ech, dass mer esou Retarde kritt hätten.

De Problem war och e bëssen deen, dass sech am Fong geholl ëmmer erëm an dee Code vun der bestehender Législatioun nei Direktiven drop grefféiert hunn. Nei Direktiven, déi ëmmer erëm d'Datumen, wat d'Transpositionen ubelaangt huet, verlaangt, esou dass mer all Kéiers erëm hu missen deen een oder anere Projet erausbrichen. Dat hu mer zweemol gemaach.

An och hei setze mer erëm eng Kéier zwou Direktiven ëm. Et ass och hei héich Zäit, dass mer se ëmsetzen, well d'Kommissioun hannerun eis ass. An duerfir Merci, dass och de Conseil d'État séier gemierkt huet, dass e säi leschten Avis esou séier wéi méiglech huet misse bréngen, fir dass mer net herno op der Säit vun der Kommissioun a Schwieregkeete kommen.

Bon, mir hunn hei d'Adoptioun gemaach. De Rapporteur huet och gesot, d'Partie réglementaire feelt. Déi ass säit dem Mee 2010 beim Conseil d'État, a mir waarden also mat Schmärzen drop, dass mer de Règlement grand-ducal kënne huelen. Deen eenzeg, dee mir nach mussen huelen, dat ass deen iwwert d'Avertissements taxés. An ech ginn awer dovun aus, dass mer dat och elo geschwé kënne an de Wee leeden.

Bon, et ass natierlech och gefrot ginn, dass mer eng large Divisioun heivunner maachen. De Problem ass, mengen ech, net d'large Divisioun. De Problem ass eng Vulgarisatioun fäerdeg ze bréngen. An do muss mer natierlech op déi zwou Organisationszäckgräifen, déi mer hei zu Lëtzebuerg am Konsumentenschutz hunn.

Dir wësst dat, mir hunn d'Union Luxembourgise des Consommateurs, déi vun eis substanzuell natierlech ënnerstëtzt gëtt an hirer Aarbecht, déi och eng exzellente Aarbecht leescht, mä ech mengen, där mer och mussen noleeën, dass se eis muss hëllefën hei an der Vulgarisatioun an dass en Deel vun hirem Budget och dofir muss verwennt ginn.

Ech widderhuelen awer och, dass et en europäesche Konsumentegrupp hei zu Lët-

zebuerg gëtt, dee säi Büro huet, de Centre Européen des Consommateurs. Dee gëtt oft vergiess. Mä deen ass u sech zoustänneg fir all Litigen, wann et sech ëm Geschäfte handelt, déi iwwert d'Grenzen eraus geschéien. A vill ze vill wéineg ass iwwert déi Leit bekannt.

Also, ech si wierklech frou, dass déi Diskussiounen och an engem Climat serein - kéint ee soen - ofgelaf sinn, an och déi gréng sech elo an där heiter Fro kompromëssbereet gewisen hunn.

Deng Analys kann ee jo net ganz vum Dësch weisen. Fir eng Kéier fannen ech deng Rechnung jo net ganz falsch.

(**Interruption**)

Mä, ech mengen, mir kucke jo... Den Acquis communautaire, dee gëtt jo elo iwwerkuckt. A wann do eng Emännerung kënnt, selbstverständlech, wäerte mer dat upassen. Mir hunn hei e klengen Écart gemaach, deen awer eng Explikatioun huet. Ech mengen, déi ass och vun lech akzeptéiert ginn. An duerfir soen ech Merci, Här President, an mir wieren effektiv frou, wann een hei eng Unanimitéit kéint erbäufieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Wirtschaftsminister. Dat mat der Unanimitéit wäerte mer elo geschwé gesinn, wa mer iwwert de Projet ofstëmmen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5881A ass effektiv mat der Unanimitéit vun deenen 59 Votanten ugehollef ginn.

*Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Félix Eischen), Mme Martine Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Paul-Henri Meyers (par Mme Marie-Josée Frank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Lucien Thiel), Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer (par Mme Anne Brasseur) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Camille Gira), Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. André Hoffmann.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass dat also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 6165, d'Emsetze vun enger Direktiv am Beräich vun de Kreditinstituter. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just ageschriwwen den Här Claude Meisch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

## 9. 6165 - Projet de loi portant

**- transposition de la directive 2009/111/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 modifiant les directives 2006/48/CE, 2006/49/CE et 2007/64/CE en ce qui concerne les banques affiliées à des ins-**

**titutions centrales, certains éléments de fonds propres, les grands risques, les dispositions en matière de surveillance et la gestion de crises;**

**- transpositions pour les établissements de crédit de la directive 2009/49/CE du Parlement européen et du Conseil du 18 juin 2009 modifiant les directives 78/660/CEE et 83/349/CEE du Conseil en ce qui concerne certaines obligations de publicité pour les sociétés de taille moyenne et l'obligation d'établir des comptes consolidés;**

**- parachèvement de la transposition de la directive 2009/14/CE du Parlement et du Conseil du 11 mars 2009 modifiant la directive 94/19/CE relative aux systèmes de garantie et le délai de remboursement;**

**- modification de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;**

**- modification de la loi modifiée du 17 juin 1992 relative aux comptes des établissements de crédit;**

**- modification de la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;**

**- modification de la loi du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés;**

**- modification de la loi modifiée du 13 juillet 2007 relative aux marchés d'instruments financiers;**

**- modification de la loi du 11 janvier 2008 relative aux obligations de transparence sur les émetteurs de valeurs mobilières;**

**- modification de la loi du 10 novembre 2009 relative aux services de paiement**

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

► **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur.*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, an der Finanzwelt ass d'Bezeichnung „Basel 2“...

► **M. le Président.**- Ech géif lech bidden, dem Här Thiel nozelauscheren!

► **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur.*- Okay. Ech kann och nach eng Kéier ufänken. Also, an der Finanzwelt ass Bezeichnung „Basel 2“ en ähnlech geleefte Begrëff wéi hei bei eis am Haus d'Constituatioun oder de Statsrot.

Basel, dat ass déi Stad an der Schwäiz - dat wësst Der -, an där sech regelméisseg déi national Finanzplatzkontrolleren aus der westlecher Welt treffen, fir gemeinsam Regeln auszehecken. Déi sollen dann doheim applizéiert ginn, wat an eise Fall dann och ganz dacks iwwert den Émwee vun EU-Direktive geschitt.

Eng vun deene bekanntesten Entschuedungen vun der Baseler Ronn war déi sougenannt „Ratio Cook“, mat där de Banken Enn den 80er Joren eng Ofdeckung vun hiren Engagementer mat Egekapital an der Héicht vun 8% operluecht gouf. Spéider gouf dann dee reng quantitative Kritär dunn duerch méi eng moduléiert Norm ofgeléist, déi all méiglech Kreditrisike berücksichtegt a gewiicht an déi entre-temps och an iwwer honnert Länner applizéiert gëtt. Déi gouf dunn der Einfachheit halber „Basel 2“ genannt a si wäert deemnächst och nach an absehbare Zäit erëm ofgeléist ginn, selbstverständlech duerch „Basel 3“.